



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4615 vun der honorabeler Deputéiert Diane Adehm

1. Wat ass de rechtlechen Statut vum eCampus/eBac? Op wéi enger gesetzlecher oder reglementarescher Basis gëtt dës Offer organiséiert?

Den *eBac* gouf 2005 am Kader vun der Formation des adultes an der 2e voie de qualification agefouert. Et sief hei op zwee Gesetzter verwisen, déi esou eng Offer ausdrécklech virgesinn. Fir den Enseignement secondaire classique ass dëst den Artikel 44 vun der *Loi modifiée du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement secondaire classique* (« Dans le cadre de l'enseignement secondaire classique, des cours à l'intention des adultes peuvent être organisés en collaboration avec le Service de la Formation des Adultes. »). Fir den Enseignement secondaire général handelt et sech ëm den Artikel 2 vun der *Loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire général* (« Dans le cadre de l'enseignement secondaire général, des cours du soir peuvent être organisés à l'intention des adultes. »).

D'Offer vum *eBac* ass progressiv weiderentwéckelt ginn a gëtt zanter 2018/2019 ënnert dem Numm *eCampus* gefouert. Dës Offer erméiglecht et, déi offiziell Programmer vum Enseignement secondaire an enger flexibeler a modularer Form ze suivéieren.

Et handelt sech dobäi net ëm eng eegestänneg Bildungsstruktur, mee ëm eng spezifesch Formationsoffer vum Service de la formation des adultes (SFA), an zwar ëm een Distanzunterricht a Form vu *blended-learning*. D'Fonctionnementsmodalitéite vum *eBac* goufen intern definéiert an am Laf vun de Jore weiderentwéckelt.

2. Aus wéi enge Grënn ass den eCampus/eBac bei der Formation des adultes respektiv der 2e voie de qualification ugesidelt, obwuel sech d'Offer och u méi jonk Schüler, Sportler, Museker oder Décrocheure riichte kann?

Déi ursprénglech Usiidlung beim SFA erkläert sech doduerch, datt den *eBac* als Offer vun der 2e voie de qualification konzipéiert gouf, déi sech un Erwuessener riicht, déi eng Qualifikatioun vum Enseignement secondaire nowiese respektiv nohuele wëllen.

Am Laf vun de Joren huet sech erausgestallt, datt dës Offer och interessant kéint si fir Léierender mat anere spezifesch Besoinen oder Contrainten, notament Décrocheuren, Sportler oder Museker. Dës Entwécklung gëtt bei der aktueller institutioneller Reorganisatioun vum *eCampus* berücksichtegt.

3. Wat bedeit konkret de Rattachement respektiv d'Zesummenaarbecht mam Bouneweger Lycée? Wéi sinn d'Kompetenzen tëscht dem Lycée, dem Service de la formation des adultes an dem Ministère opgedeelt, notament wat déi pädagogesch Direktioun, d'Aschreiwungen, d'Personal an d'Examen ugeet ?

Den *eCampus* ass administrativ un de Bouneweger Lycée (BLL) rattachéiert. Am Kader vun der aktueller Reorganisatioun ass virgesinn, d'Responsabilitéit fir den *eCampus* beim BLL an domat bei der Direction générale de l'enseignement secondaire ze regroupéieren an déi institutionell Usiidlung

deementspriechend unzepassen. D'Aschreiwunge ginn iwwer den *eCampus* an de BLL geréiert, de Secrétariat gëtt vum BLL assuréiert an d'Examen ginn am BLL organiséiert.

4. **Wéi vill Persounen waren an de leschte fënnef Schouljoren um *eCampus*/eBac ageschriwwen? Kann den Här Minister dës Zuelen no Schouljoer opschlësselen an dobäi och d'Zuel vun den Ofbréch an den erfollegräichen Ofschlëss ugeinn?**

D'Entwécklung vun der Zuel vun de Persounen, déi an de leschte fënnef Schouljoren um *eCampus* ageschriwwen waren, ass folgend :

Schouljoer	Inscriptiounen
2020-2021	258
2021-2022	205
2022-2023	237
2023-2024	296
2024-2025	354

Wat d'Resultater beim Examen de fin d'études secondaires ugeet, war d'Situatioun an de leschte fënnef Joer folgend :

Schouljoer	Inscriptiounen	Réussites	Echecs	Taux de réussite
2025	21	17	4	81 %
2024	14	13	1	92 %
2023	7	7	0	100 %
2022	10	10	0	100 %
2021	12	12	0	100 %

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH